Komiteesversammlung vum 8. Mäerz 2005

Wou: Café Sud

Présent: Michel Klein, Isabelle Crauser, Lynn Lecorsais, Martha Seidel, Bob Koch, Joël Schintgen

Absent (entschëllegt): David Tron

Themen:

1. Clubreess
2. Swisscup
3. Global Village
4. Iessen mat den Diplomanten
5. Divers

---

1) Clubreess

- Bus: Déi Devisen déi mer bis elo kruten sin vill ze deier.
- Mir informéieren eis 'mol wat den Zuch kascht. (Vum Horaire hir géif dat klappen)
- Wann dat net klappt (also zimmlech warscheinlech) léine mer Minibussen. Fräiwëlleg Chauffeuren si wëllkomm!
- Mir reservéieren den Hôtel Colisée-Verdun.

2) Swisscup

- De Swisscup ass de 9. Abrëll zu Fribourg.

3) Global Village

- De Global Village ass den 12. Mee op der UNIL.
- D'Stänn gi bewert. Als éischte Präis get et eng Reess ze gewannen. Dofir muss eise Stand méi originell ausgesinn wéi d'lescht Joer. Mir hate geduecht eise Stand als Buerg ze bauen. Mir doen eis roud-wäiss-blo un. Mir brauchen och nach e lëtzebuerger Fendel.
  Fir e bësse besser opzefalen (an et ass jo kuerz vru Péngschtdënsdeg) maache mer eng Sprangpressioun
- Wéi all Joer get et Kachkéis, Bouneschlupp a lëtzebuerger Béier (an eng Drëpp).
- Mir maachen e puer Spiller.

4) Iessen mat den Diplomanten

Mir gin de 7. Abrëll mat den Diplomanten an den Café du Théâtre iessen.

5) Divers

- En Donneschdeg den 17. Mäerz hu mer eng Soirée am Café Sud. Mir kréien de Béier fir 3 an

d'Schoppe fir 6 Frang. De Club spendéiert jidferengem dee virun halwer 10 do ass säin 1. Patt.

- Mir gin an der nächster Zäit eng Kéier Karting fueren.